NATIONAL - COVID-GESETZ

Groupement des Magistrats ass net averstanen

RTL | Update: 03.11.2020 16:39

© afp

Op de Geriichter wier d'minimal Distanz vun 2 Meter ënnereneen net méi ze respektéieren a Leit, déi d'Wuert ergräifen, misste keng Mask méi un hunn.

An engem Schreiwes vum Groupement des Magistrats heescht et en Dënschdeg, dass a Sëtzungssäll am Prinzip d'Distanz ënnereneen an d'Droe vun engem Mond-/Nueseschutz z'applizéiere wären an den zoustännege Riichter ënner Ëmstänn eng Dispens ausspriche kéint, wat de Respekt vun de sanitäre Reegelen ugeet. Dës Léisung kéint et de Juridictiounen erlaben, an dëser aussergewéinlecher Situatioun weider ze fonctionéieren, am Respekt vun der Sécherheet an der Gesondheet vu jidderengem.